LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Agriculture,
de l'Alimentation et de la Viticulture

Direction de la protection des
consommateurs

**Äntwert vun der Ministesch fir Konsumenteschutz op d'parlamentaresch Fro n° 1850 vum 28. Januar 2025 vum Här Deputéierten Sven Clement.**

Ech ka mech net zu engem spezifesche Fall äusseren, ouni dass mir all d'Elementer an dësem Kontext virleien.

Allgemeng gëllt awer : Wann e Geschäft ee Produkt zu bestëmmte Konditioune proposéiert an sech dono net un dës Konditiounen hält, gesäit de Code de la consommation fir, dass de Konsument d'Recht huet, aus dem Vertrag erauszeklammen (Artikel L. 111-1).

Wann de Professionellen dem Konsument wichteg Informatiounen an der Vitrinn oder an der Reklamm virenthält an de Konsument esou dozou bréngt, eppes ze kafen, wat hie soss net kaaft hätt, kann dëst als "omission trompeuse" qualifizéiert ginn a potentiell penal Strofe kënnen ustoen.

D'Konsumenten, déi der Meenung sinn, dass hinnen eng onlauter Handelspraxis (pratique commerciale déloyale) widderfuer ass, kënne sech och bei der Direktioun fir Konsumenteschutz oder bei der Union luxembourgeoise des consommateurs mellen. Dës Instanze préiwen deen Ament d'Situatioun a kënnen, jee no Situatioun, déi néideg Schrëtter an d'Weeër leeden.

Och géif ech hei gären op de Médiateur de la consommation verweisen, deen ëmmer gratis zur Verfügung fir an neutraler Positioun tëschent Konsument a Professionelle ka vermëttelen, virausgesat béid Säit si mat enger Mediatioun averstan.

Lëtzebuerg, den 27/02/2025.

D'Ministesch fir Konsumenteschutz

(s.) Martine Hansen